



RESSOURCEN AUS DEM OFWAASSER - LËTZEBUERG

KREESLAF

D'Ëmsetze vun enger Kreeslafwirtschaft ass ee vun den zentrale Piliere vun der Lëtzebuenger Politik.

D'Ambitioune vu Lëtzebuerg ginn an der neier Strategie Kreeslafwirtschaft Lëtzebuerg 2021 beschriwwen. Et sinn dat:

1. E gesetzleche Kader fir d'Verwärtung vu Stoffer aus organeschem Offall definéieren
2. Ureizer a Wærter fir Stoffer schafen, déi aus dem Ofwaasser zeréckgewonne ginn
3. Informatiounen iwwer d'Fluxe vu Nährstoffer, Klärschlamm abegraff, bereetstellen.

OFWAASSER ASS WÄERTVOLL

E Biokomposit aus recycléiertem Toilettëpabeier? Jo, dat geet! Rostoffer aus dem Ofwaasser kënnen fir all méiglech Zwecker benotzt ginn. E puer Beispiller:

- Phosphat kann als Dünger agesat ginn.
- Klärschlamm ka benotzt gi fir Biogas hierzestellen oder als Rostoff fir d'Zementindustrie.
- Lipide kënnen fir d'Produktioun vu Biodiesel genotzt ginn.
- Aktivkuel aus Siftreschter kann agesat gi fir Mikropolluanten aus dem Ofwaasser ze eliminéieren.
- Aus Fettsäure kann degradabele Plastik (PHA) hiergestallt ginn.

GESETZLECHE KADER

D'Rostoffer aus dem Ofwaasser ginn als Offallstoffer agestuift. Eng Substanz gëllt erëischt dann net méi als Offall, wann déi folgend Bedéngungen aus der Offalldirektiv (Art. 6, Update 2018/851/EU) erfëllt sinn:

- D'Material soll fir spezifesch Zwecker benotzt ginn
- Et existéiert e Marché oder eng Demande fir d'Material
- D'Material erfëllt déi technesch Ufuerderunge fir déi spezifesch Zwecker an entsprécht der aktueller Legislatioun an de Standarden, déi fir d'Produkter gëllen
- D'Verwendung vum Material huet generell keng negativ Auswierkungen op d'Ëmwelt oder d'Gesondheet vum Mënsch.

Fir Lëtzebuerg goufen dës Bedéngungen an der „Loi modifiée du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets“ an am „Plan national de gestion des déchets et des ressources“ (PNGDR, 2018) verankert.



Bio char



Bio oil



Bioplastic

D'Politik an de gesetzleche Kader sinn zu Lëtzebuerg déi gréissten Erausfuerderunge bei der Hierstellung vu wäertvolle Produkter aus dem Ofwaasser.

TOP 4 PRAKTESCH ERAUSFUERDERUNGEN

Major challenges in making valuable products from sewage water are the Luxembourg policy and legal framework.

1. D'„Loi modifiée du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets“ léisst Spillraum fir Interpretatioun, an dëst mécht d'Approbatoun vun engem End of Waste-Dossier (EoW) (Enn vum Offall-Statut) ofhängeg vun der Autoritéit, déi den Dossier analyséiert.
2. Ofgesi vun der Phosphat-Verwärtung ginn et keng konkret Ziler fir d'Verwärtung vu Ressourcen aus dem Ofwaasser, mee nëmmen Ambitioune. Et besteet deemno keng direkt Drénglechkeet, d'Verwärtung vu Wäertstoffer kuerzfristeg ëmzesetzen.
3. Fir d'Demande nom Material nozeweisen, muss e Memorandum of Understanding mat engem Acteur vum Marché ënnerschriwwen ginn. Dës Acteure schléissen nëmmen dann en Accord of, wa sécher ass, datt den EoW-Statut erreecht gouf a verfügbar ass, an datt et e Marché gëtt, fir d'Produkt ze verkafen.
4. Et gëtt keng generell europäesch oder lëtzebuergesch End of Waste-Reglementatioun fir Ressourcen aus dem Ofwaasser. Momentan muss fir all Uwendung, all Client, all Produktiounsstanduert an all Land e spezifesch EoW-Statut ugefrot ginn. Dëst ass deier, zäitintensiv a behënnert och d'Maartfäegkeet (cf. Erausfuerderung 3).

INFORMATIOUN

Fir méi Informatioun w.e.g. kontaktéiert de Jappe de Best, Centre of Expertise Biobased Economy / Avans Hogeschool - jh.debest@avans.nl. Oder besicht d'Websäit www.nweurope.eu/wow

WÉI ENG AKTIONE SINN NOUTWENDEG

KUERZFRISTEG (<1 JOER)

1. Och Ressourcen aus dem Ofwaasser an d'Product Circularity Datasheet Luxembourg (PCDS) ophuelen.
2. Eng Letter of intent och als Noweis fir d'Existenz vun engem Marché oder enger Demande zouloossen.

MËTTELFRISTEG (1-3 JOER)

1. E kloer Kader fir d'Bewärtung vu Rostoffer aus dem Ofwaasser erstellen, deen och den Aspekter Ëmwelt a mënschlech Gesondheet Rechnung dréit.

2. Konkret Ziler fir d'Verwärtung vu Ressourcen aus dem Ofwaasser formuléieren, fir d'Wäertstoff-Verwärtung kuerzfristeg ze stimuléieren.
3. D'Méiglechkeeten erweidere fir d'Approbatoun vun engem End of Waste-Statut vun där selwechter Zort vu Rostoffer fir ënnerschiddlech Standuerter an ënnerschiddlech Clienten.
4. Lobby-Aarbecht fir de fräien Handel vu Rostoffer tëschent de Länner: En EoW-Status gëllt fir all EU-Länner.